Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

E Méindeg, de 14. an en Dënschdeg de 15. Oktober 2024 hunn d'Leit déi ronderëm d'Gebai vun der BIL an der Escher Strooss an der Stad sou wéi an enger Rei Stroosse am weideren Ëmkrees liewen, vun ongeféier 22:30 un en haarden a konstanten Alarm héieren. Engagéiert Leit, déi vun engem sécherheetsrelevante Virfall bei der Bank ausgaange sinn, hunn doropshin d'Police geruff. Wéi d'Beamten op der Plaz agetraff waren, huet sech awer no Ausso vun de betraffenen Awunner erausgestallt, datt et sech just ëm en obligatoreschen Test handelt.

D'Beamten hunn d'Leit drop higewisen, datt den Test nach bis viraussichtlech 06:00 Moies géif goen. Si kéinten hei net intervenéieren. Dat obwuel et sech ëm eng kloer Stéierung vun der Nuetsrou gehandelt huet, wouvun och Famille mat klenge Kanner betraff waren. An och de Policereglement vun der Stad Lëtzebuerg hält am Artikel 28 fest: "*Les propriétaires ou gardiens de systèmes d'alarme acoustique doivent prendre les dispositions nécessaires pour éviter que la tranquillité publique ne soit troublée par le déclenchement abusif des sirènes*".

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Ass der Regierung dee Virfall bekannt?
2) Gesäit d'Gesetz effektiv obligatoresch Tester vun den Alarmanlage vu Banke vir? Wéi eng Dispositiounen zum Schutz viru Kaméidi vun de Leit déi ronderëm wunnen, sinn dobäi virgesinn?
3) Wéi war déi Decisioun vun der Police begrënnt fir hei net ze intervenéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Tom Weidig
Deputéierten